

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 15. Mäerz 2022

Här President,


Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Ekonomie weiderzeleeden.

Wéi et am Artikel "*European nations poised to endorse levy on imported emissions*", deen de 15. Mäerz an der Luxembourg Times publizéiert gouf, heescht, schaffen d'EU-Memberstaaten op eng zäitno Aféierung vun CO2-Zoller hin, dat obwuel d'Liwwertketten duerch déi rezent COVID-Moosnamen, de Krich an der Ukrain an eng Rei weider Ëmstänn scho staark duerchernee geroden a vill Präisser entspreichend geklomme sinn. Des Weideren heescht et, datt sou eng Moosnam zu diplomateschen Spannunge mat verschiddenen Handelspartner kéint féieren, notamment China, Indien an der Ukrain.

An deem Zesammenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

- 1) Kann d'Regierung elaboréieren, wéi si allgemeng zu dësem Virstouss steet?
- 2) Kann d'Regierung elaboréieren, wéi si déi allgemeng Präisentwécklung vun deene betraffene Produiten fir d'Lëtzebuenger Entreprises a Konsumenten aschätzt? Huet d'Regierung eng onofhängeg Etude an Optrag ginn, fir dës Fro ze klären ier si eng entspreichend Decisioun zu Bréissel matstëmmt?
- 3) Gesäit d'Regierung d'Gefor, datt eis international Handelspartner mat Géigemoosnamen op esou eng Decisioun kéinte reagéieren, déi schlëmmstefalls onberechenbar Handelskricher kéinten no sech zéien? Falls net, firwat net?
- 4) Gesäit d'Regierung et als opportun, Kriselänner wéi der Ukrain, awer och aneren, ekonomesch manner privilegéierte Staaten eis industriefeindlech Klimanormen opzezwingen an si doduerch an hirer ekonomescher Entwécklung auszebremsen? Wéi steet d'Regierung zu der Opfaassung, datt een an deem Sënn vu Klimakolonialismus ka schwätzen?

Mat déiwem Respekt,



Roy Reding
Deputéierten